

## Fir d'45 Joer Actioun Lëtzebuergesch

**Vru 15 Joer hu mir den 30. Gebuertsdag vun der Actioun-Lëtzebuergesch a Presenz vum Grand-Duc an der Grande-Duchesse gefeiert. Aus deer (ni publizierter) Festrried, fir déi äre Schreiwere deemools d'Éier hat, sollt dir hei d'Häerzstéck ze liese kréien ... vun deem och fir eis 45 Joer AL kee Komma a kee Stréch u Wouerecht verluer huet:**

Erlaabt mir, op dëser Plaz e bekannten Auteur aus engem Land ze ernimmen, dat d'Nazien sech ewell 1938 an d'Strass gedréckt haten, der deemoleger „Tschechoslowakei“, de Milan Kundera: „**Pour liquider les peuples, on commence par leur enlever la mémoire. On détruit leurs livres, leur culture, leur histoire. Et quelqu'un d'autre leur écrit d'autres livres, leur donne une autre culture et leur invente une autre Histoire. Ensuite le peuple commence lentement à oublier ce qu'il est et ce qu'il était. Le monde autour de lui l'oublie encore plus vite... Et la langue?... Pourquoi nous l'enlèverait-on? Ce ne sera plus qu'un folklore qui mourra tôt ou tard... de mort naturelle.**“

Dir kënt lech elo vläicht froen, firwat ech de Milan Kundera op Franséisch zitéiert hunn; mä d'éischt emol, well mir dat Buch vun him op Franséisch liesen, hei mam Titel „**Le livre du rire et de l'oubli**“, an net zugudderlescht, well ech nach ëmmer houfreg drop war, sinn a bleiwen, datt mir Lëtzebuergesch äis, ee Gléck!, och e bësse „*Langue de Molière*“ grad ewéi dem Goethe seng Sprooch kënnen, sollen a musse leeschten. Dat ass iwwregens **ee vun den Toleranz-Prinzipie vun eiser ACTIOUN, déi ni géint eng aner Sprooch war, mä ëmmer dofir, datt d'Lëtzebuergesch op eng verstänneg Fassong seng Plaz do soll kréien, wou et och higehéiert**, fir datt just keen äis eis Identitéit am Sënn vum Kundera-Zitat hält; datt eis Sprooch op fréi oder spéit net nach just e Folklor bleift ... *qui mourra de mort naturelle!*

An deene Gedankengäng hu mir vrun 30 Joer eng Zort Bilanz vun deer Situatioun opgestallt, an deer eis Sprooch deemools, och nees genee 30 Joer no deem Dag (1941), gewiescht ass, wou d'Lëtzebuergesch grad mat hir plebiszitär an a voller Liewesgefor de Kapp fir d'Fräiheet an d'Heemecht duergelhal hunn. **De Sprooch-Bilan vun 1971 war zimlech séier gemaach: Hie war kloer an däitlech, ower zimlech miserabel**, guer net esou, wéi ee sech dat am Fong hätt kënnen nom Horror-Erlebnis vum Nazi-Terror virstellen.

E Bilan, eng Bilanz, kënt sproochlech riichtewech aus dem Ausdrock „Balance“, also Gläichgewicht. Och wann et aus verständlechen a verstännege Grënn 1971, grad ewéi haut, kengem an de Kapp komm ass, eiser Sprooch hei am Land datselwecht Gewicht wëllen ze gi wéi dem Franséischen oder dem Däitschen, hu mir ower festgestallt, datt **d'Lëtzebuergesch, eng Haaptstäip vun eiser Identitéit, déck amgang war, just zu deem Folklor ze verknätzen „qui mourra d'une mort naturelle!“**

Wann et fir déi Suerg vun deemools, fir all eise gudden, éierleche Wëll ee giedlege Bewäis soll ginn, dann hei e puer Zitater aus engem Artikel aus der 1. Nummer vun der Zäitschrëft „Eis Sprooch“, deen ech 1972 ënnert d'Fro gestallt hat: „Firwat eng ACTIOUN LËTZEBUGESCH?“ De Bilan fir d'30 Joer vun der Actioun Lëtzebuergesch fannt Dir alleguer liicht an der Äntwert op déi Behauptungen, Meenungen a Froen, déi also zënter laang an dësem Fëllement-Schreiwes vun eiser Actioun stinn; **et haten der allerdéngs vill gemengt, dat kleespert Këndche vun „Actioun“ kéim net op d'Been**, oder et geng op jiddwer Fall net lafe léieren ...

**A wéi leeft et haut ... 2016 ... no 45 Joer?!**


## Et wor emol ...

Sou fänke jo déi meescht Mäercher a Seechen un. Souzesoe fir all eis **Leit, déi de leschte Krich nëmme vum „Héiere-soen“ an dacks ëm dräi Ecke weiderverziele kënnen, ass dat, wat batter Wierklechkeet war, am Fong nëmme méi „interessant“**. Si hunn/haten (emol) e Bopa, en Urbopa oder e wäitleefge Monni, deen „deemools“ och „dobäi“ war. Mä déi sinn natierlech (!) elo geschwënn alleguer an der Éiwegkeet. Wat vun der Wierklechkeet bleift ... ass nun emol Geschicht ... bis op dat, wat „nach matzäit“ richteg opgeschriwwen, bewisen an ënerstrach ginn ass. Wat dann iwwreg bliwwen ass, kënnen d'Generatioune duerno nach just aus deem, wat si „verzielt“ kruten.

Dëst Joer, den 10. Oktober, sinn et der 75, datt d'Lëtzebuergesch sech trotz Gefoer an Angscht géint all Zort vu „Preiserei“ gewiert hunn, apaart mat eiser Sprooch, dem Lëtzebuergesch! Wéi steet et mat deer Erënnerung? Wat seet a léiert si äis iwwer eise Land, seng Fräiheet, seng Existenz? **Wat huet dee „Referendum“ alias „Personenstandsaufnahme“ bruecht?** Et war beileiwe kee Mäerchen ... och wann een sech et haut bal net méi ka virstellen!

**D'Actioun Lëtzebuergesch wënscht all hire Memberen, de Frënn a Lieser en zefriddene Congé, eng schéi Vakanz, a si freet sech, si den 1. Oktober gesond a monter hei erëm ze begéinen.**

vum Lex Roth



(Zeechnung: O. Jaminon)

## Mat Courage virun!

### E Wuert vum neie President Claude Bache

An hirer Sëtzung vum 16. Juni hunn d'Membere vum Comité vun der AL gemengt, ech sollt d'Charge vum President iwwerhuelen, nodeems eise laangjäregen „Éische Mann“ a Grënnungsmember René Faber aus gesondheetleche Grënn seng Démissioun aus dem Comité ginn hat. Et ass mir, ewell iwwer 35 Joer Member vun der AL an zënter 22 an hirem Comité, eng Freed an Éier, mech als President fir déi nobel Saach vum Lëtzebuergesch z'engagéieren; dat zemoos wou an eiser Generalversammlung vum 28. Mee – nieft deenen „alen Huesen“, déi schon am Comité waren – sech spontan fënnel nei a vrun allem jonk Leit gemellt hu fir matzeschaffen. Mat hinnen zesumme wëll ech an de Joren déi kommen „fir alles anrieden, wat lëtzebuergesch ass, apaart fir eis Sprooch, geschwat a geschriwwen“, wéi et als Zweck vun der AL an eise Statuten (Artikel 3) heescht.

Op dëser Plaz soen ech dem René Faber e grouse Merci. Zesumme mam Lex Roth ass hien deen Eenzegen, dee vun de Grënnungsmembere aus dem Joer 1971 nach ënnert äis ass. Vun Ufank u war hien am Comité, an hien huet do joerzengtleang d'Fonction vum Caissier gehat, éier hien dunn am Joer 1994 President gouff. Mat vill Geschéck wosst hien, d'AL ze féieren. Ech wënschen dem René eng schéin an nach laang „Pensioun“; dobäi sinn ech sécher, datt hie „senger“ AL och weiderhi mat grousser Sympathie verbonne bleift.

Merci soen ech awer och dem Lex Roth, deen eise Comité – gottseidank! – als Vizepräsident erhale bleift. Mir brauchen och weiderhin seng Mataarbecht a räich Erfahrung. Him verdankt d'AL et, datt et si iwwerhaupt nach gëtt, well ouni dem Lex säin onermiddlechen Asaz fir dës „Klack fir eis Sprooch“ an der Press an op RTL.lu wier et an de leschte Joere schéi roueg ëm eis Actioun ginn. Lex: op e weidert gutt Mateneen am Déngscht vum Lëtzebuergesch!

Zesumme mat eise neie Comité, an deem eng ganz Rei vu Kompetenzen beienekommen, wëll ech probéieren, wéi an der Vergaangenheet sou och an der Zukunft op ville Gebidder – an der Gesellschaft, der Schoul, der Kierch, der Kultur, der Litteratur – mä in Deel derzou bäizedoen, datt eis Sprooch déi verstännege Plaz kritt, déi si zegutt huet. An eise Land, dat ëmmer méi opgeet fir Net-Lëtzebuergesch, ass et a mengen Aen immens wichteg, eis Lëtzebuergesch Sprooch och als Intégratiounsfacteur um Feld ze halen – awer dat alles net mam Briecheisen, mä andeems mir do eng Hand reechen, wou dat gefrot a gewollt ass – sou wéi d'AL et vun Ufank un ëmmer gemaach huet!

An deem Sënn huet eis AL – trotz hire 45 Joer um Bockel, ower mat ville jonke Leit! – nach eng grouss Zukunft vru sech a vill „op der Lee“. Ech sinn iwwerzeegt, datt mir als nei Équipe dat gutt meeschter ginn; ech zielen op „mäi“ Comité an op eis Memberen – déi der AL zënter Joeren trei sinn, awer och déi nei, déi an den nächste Méint a Joeren nach derbäi komme wäerten.

## A wann dir net gitt!

Kann am Fong een engem soen, firwat bei äis e Wieder soll „um Virmarsch“ sinn? Geschwë wäert et och nach „am Unzoch“ kommen; firwat soll et dann net och nach kënnen „ustoen“. Vläch mengt elo dësen oder deen, dat wier nun emol „modern Lëtzebuergesch“. **Modern ass do dach nëmme dat muttwëllest Eriwwerbrueden aus däitschen Agence-Texter oder dem Radios- an TV-Däitschen.**

Eng jonk Dämmchen, déi zu Paräis eng Diplomaarbecht iwwer eis Sproochsituatioun geschriwwen huet, ass der Meenung gewiescht, eist „Gebrauchs“ hei an der KLACK oder anerwärts wier nun emol „récurrent“, **am Sënn vu mir géngen äis drunhale wéi de Geck un de Bengel**. Esou einfach ass dat! Superlicht ass et ower bestëmmt, dat vrun engem Professesch-Jury ze behaupten, an deem keen dee mannsten Donst vun deem „Duché de m...“ huet, wéi dee Politgoekel vu Laurent Wauquiez dem Jean-Claude Juncker et hannerëm dohinnergebass huet ... Solle mir deen anere Bak wierklech och nach dohinnerhalen?

## Dat richt een op 1 km!

**Iwwersetze kann net jiddwereen; et kann een et ower léieren**, a vrun allem muss een dofir déi zwou Sproocher kennen/kënnen, aus deenen een eraus/eran, eriwwersetze soll. Dat muss net onbedéngt Wuert fir Wuert sinn; meeschtens geet dat esouguer net, an esou ass et tëscht alle Sproocher de Fall. Kuerz gesot: Iwwersetze muss GELÉIERT sinn ... oder ginn!

E praktescht Beispill: Wann et éierens brennt, da mussen d'Pompjeeën *erausfueren / sech op de Wee maachen / dohinner fueren* ... Dann heescht et dacks am Däitschen: die Feuerwehr rückte aus ... dat huet an eiser Sprooch ower näischt mat „réckelen“ oder récken ze dinn! Mir réckelen e Schaf eraus, fir dohannert propper ze maachen; am Lëtzebuergesch huet dat Verb ëmmer domat ze dinn, datt eppes op eng aner Plaz kënt. Wann also een dat „Geréckels“ an der Press esou dolaanscht bei d'Pompjeeën verdréint ... da richt een op 1 km, datt hien net iwwersetze kann ... domat hannescht op déi éischt Zeilen hei uwendrun.